Huel un engem weideren vun eisen traditionnellen Naturwëssenschaftsnomëtteger deel:

**12. Februar 2019**
vun 13:15 h (Accueil) bis 16.15 h

**28. Februar 2019**
vun 13:15 h (Accueil) bis 16.15 h

## Weider Informatiounen

- an dësem Flyer
- http://science.ljbm.lu
- /scienceforkidsLJBM/
- science@ljbm.lu

## Umeldung

Wéinst deem grousse Succès, dee mir déi lescht Joren haten, gi mir deene Kanner Prioritéit, déi eis Schoul wëlle kenne léieren, fir duerno vläicht op 7e bei eis an de Lycée ze kommen.

Detailer dozou fënns du op eisem Internetsite.

Wanns du wëlls derbäi sinn, **mell dech** w.e.g. iwwert eisen Internetsite **un**:

http://science.ljbm.lu/inscription

Science for Kids ass e Projet vum

Lycée Josy Barthel Mamer



Du bass am Cycle 4 vun der Grondschoul a wiels geschwënn, a wéi e Lycée dass du geess.

**«Science for Kids», eise Science-Nomëtteg bitt dir d'Geleeënheet de Lycée Josy Barthel zu Mamer, seng Proffen a seng Schüler kennen ze léieren.**

Zesumme wäerte mir an eise Science-Fächer

**Physik** **Chimie** **Biologie**

an enger sympathescher Atmosphär experimentéieren, an dobäi vill Spannendes entdecken an erliewen.

Fir déi interesséiert Eltere bitt eisen Direkter, den Här Claude Christnach, eng Visite guidée vun der Schoul un (ronn 1 Stonn, am Ufank vum Mëtteg).





## Physik

### Liewen um Mars …?

Et gëtt dervu geschwat, dass d'Mënsche wëllen op de Mars fléien, fir do en neie, bewunnbare Planéit opzebauen.

Mir wëllen an eisem Atelier kucke wei d'Bedingunge sinn, fir um Mars ze liewen. Heizou weise mir iech en puer flott Experimenter an erfuerschen esou eise rouden Nopeschplanéit.

Zesumme bastele mer dann och nach eng einfach Rakéit, déi's du kanns mat heem huelen.



## Chimie

### Sauer, neutral oder seefeg?

Mir ënnersiche verschidde Flëssegkeete fir ze kucken ob se sauer, neutral oder seefeg sinn.

Déi verschidden Zorte vu Léisungen ënnersiche mir a klenge Versich.

Duerno kucke mir wéi staark sauer oder seefeg Flëssegkeete sinn, déi s du aus dem Alldag kenns.

Schlussendlech léiere mir d'Wichtegkeet vun där Stäerkt fir d'Gesondheet vu Mënsch an Déier kennen – z. B. am mënschleche Kierper an am Waasser (fir Fësch) …




## Biologie

### Energiedetektive fir eist Iessen

Firwat ass Energie iwwerliewenswichteg fir eise mënschleche Kierper?

Wéi kënnt se an eise Kierper eran?

Wat si Kalorien, wéi vill brauch een der all Dag?

Wat geschitt wa mer ze vill Energie am Kierper hunn?

Mir preparéieren e leckere Power-Energie-Pausesnack fir ze schmaachen!